



Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 14/06/2021

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Justiz weiderzeleeden.

Lëtzebuerg ass e Land mat villen Hausdéieren, haaptsächlech Hënn a Kazen si ganz beléift. Leider kënn et awer ëmmer nees fir, dass Déieren verschwannen, well se z. B. fortgelaft sinn an de Wee net zeréck fannen, verletzt goufen oder souguer geklaut gi sinn. Leschteres ka besonnesch bei Déiere vu bestëmmte Rassen, déi besonnesch wertvoll sinn, e Problem duerstellen, well d'Déieren um Schwaarzmaart vill Geld abrénge kënnen. Mee och aaner Déieren, kënnen Affer vun engem Vol ginn, wa Persounen si bspw. besonnesch an d'Häerz schléissen, obwuel dës net de Proprietair sinn.

An engem konkrete Fall, wou et ëm e presuméierte Vol vun enger Kaz gaangen ass, huet de Parquet viru kuerzem decidéiert, dass "le préjudice ou le trouble causé par l'infraction est trop peu important pour justifier que le Parquet déclenche l'action publique".

Am Kontext vum Déiereschutzgesetz vum 27. Juni 2018, wat festgehalten huet, dass en Déier keng Saach ass, eng Dignitéit huet a muss geschützt ginn, werft dës Decisioun eng Rei Froen op, déi dat aktuell Gesetz betreffen.

An deem Zesammenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Ass d'Regierung der Meenung, dass d'Dignitéit vun engem Déier sech vun der Dignitéit vun engem Mënsch ënnerscheed?

Falls jo: Awéifern muss hei ënnerscheed ginn? Wéi ass dës Ënnerscheedung gesetzlech festgehalten? Hätten an dësem Fall net verschidde Begrëffer misste gewielt ginn, fir kloerzestellen, dass de Begrëff vun der Dignitéit am Kontext vum Déiereschutz net déi selwescht Envergure huet wéi beim Mënsch?

Falls nee: Misst eis Gesetzgebung dann net eng méi streng Strafverfolgung virgesinn am Fall vun Infractiounen, an déi Déieren involvéiert sinn? Misst den „trouble causé“ vun enger Infractioun, an déi en Déier verweckelt ass, dann net identesch sinn mat engem Fall, wou e Mënsch betraff ass, well et sech zweemol em Wiese mat enger ze



respektéirender Dignitéit handelt?

2. Sinn de Ministeren Fäll zu Lëtzebuerg bekannt, wou Déieren gezielt vu Privatleit entfouert oder geklaut goufen an et zu enger Feststellung vun enger Infraktioun an engem Opdecke vum Täter kouw? Falls jo, ëm wéi vill Fäll handelt et sech?
3. Sinn de Ministeren Fäll aus eisem Land bekannt, wou Déieren gezielt vun organiséierte Gruppen entfouert oder geklaut goufen, fir se weider ze verkafen, a wou et zu enger Feststellung vun enger Infraktioun an engem Opdecke vum/vun den Täter kouw? Falls jo, ëm wéi vill Fäll handelt et sech?
4. Ass en Déier zu Lëtzebuerg elo wierklech e Liewewiese mat Gefiller oder gött et ëmmer nach als eng Saach betruecht, wéi dat virum Vott vum Déiereschutzgesetz de Fall war?
5. Wéi kann d'Exekutive dofir suergen, datt de Grondsaz "en Déier ass e Liewewiese mat Gefiller" net nëmmen um Pabeier, mee och an der Realitéit gëllt an ëmgesat gött?

Mat déiwem Respekt,



GOERGEN Marc
Député

